

Gemeinsam Äntwert vun der Madame Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, Carole Dieschbourg, an der Madame Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°3878 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup zum Sujet "Approbations des PAG"

1. Bei wéi vill PAGen nom Gesetz vun 2004 gouf et bis elo ee Refus vum Bannen-oder Ëmweltminister?

Den Inneministère huet d'Approbatoun vum PAG an 3 Fäll refuséiert. De Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung (MECDD) huet an engem Fall d'Modifikatioun vun der Delimitatioun vun der Zone verte refuséiert.

2. Bei wéi vill Gemengen hu respektiv de Banneminister oder den Ëmweltminister een zweete Vote (complémentaire) gefrot?

Den Inneministère huet an 3 Fäll déi betrafte Gemeng drop opmierksam gemaach, dass d'Refonte vum PAG, sou wéi se vum Gemengerot décidéiert gouf, net kéint approvéeiert ginn, well dës Projete géint d'Dispositiounen aus dem genannte Gesetz vun 2004 verstouss hunn.

De MECDD huet dat an 8 Fäll gemaach, well dës Projete géint Dispositiounen aus dem Naturschutzgesetz verstouss hunn.

3. Ass d'Fuerderung vun esou engem zweete Vote am Aklang mam Gesetz a besonnesch mat der Gemengenautonomie?

D'Approche vun engem zousätzlechen zweete Vote ass konform zu der Gesetzgebung an dem Prinzip vun der Gemengenautonomie, wat d'Verwaltungsgeriicht schonn de 5. Mee 2003 an engem Uerteel confirméiert huet (rôle 15435). An där Affär hat den deemolegen Inneminister déi concernéiert Gemeng schrëftlech invitéiert, fir verschidde Punkten am PAG z'iwwerdenken an d'Prozedur erëm opzehuelen, fir d'Konformitéit zum allgemengen Interessi ze garantéieren.

Dës Virgoensweis ass vun de Riichter ausdrécklech begréisst an encouragéiert ginn :

« [...] force est de constater que lesdits courriers, destinés à faire régulariser la procédure en cours, constituent non pas une façon illégale de procéder, mais au contraire une façon régulière et efficace, voire même souhaitable dans le cadre d'une bonne administration. En effet, dans le cadre de l'autonomie communale, les autorités administratives (sic) ont conservé l'intégralité de leurs pouvoirs d'appréciation et leur liberté de décider de maintenir la décision d'approbation définitive et de la soumettre à l'appréciation de l'autorité de tutelle. Le fait que les autorités communales ont décidé de régulariser la procédure et de changer différents points n'implique pas qu'elles aient abandonné leurs pouvoirs ou que le ministre aurait outrepassé ses compétences. »

Dëst Uerteel ass zanterhier vun de Geriichter net a Fro gestallt ginn an ass an der Praxis konstant ëmgesat ginn.

Datselwecht gëllt fir de MECDD. An de respektive Courrieren un déi betrafte Gemengen ass dat och an deem Sënn erkläert ginn.

Et gëllt nach z'ënnersträichen, dass, anescht wéi an der parlamentarescher Fro ugedeit gëtt, d'Ministeschen an deem Kontext keng Fuerderunge stellen, mee dass d'Gemengenautoritéiten am Virus doriwwer informéiert ginn, dass déi PAGen ënnert där aktueller Form viraussichtlech net

kënnen approvéiert ginn. Dëst erlaabt de Gemengenautoritéiten, fir déi respektiv Positionen zu engem fréie Stadium ze kennen a sou méi séier kënnen drop ze reagéieren, wéi wann een tatsächleche Refus hätt missen ofgewart ginn.

Doriwwer eraus ass ze bemierken, dass d'Geneemegungsprozedur fir d'Erstellen oder d'Emännerung vun engem PAG am Fall vun engem Refus erëm komplett nei muss ulafen, woubäi dës Aarbechten am Fall vun engem Vote complémentaire wesentlech méi séier zum Ofschluss kënnen kommen.

4. Firwat kënnen déi betraffe Ministèren am Kader vun hirem „pouvoir de tutelle“ nët besser eng „Approbatioun partielle“ ginn?

An der Rechtssprichung vun de Verwaltungsgeriichter ass traditionell entscheet ginn, dass d'Opsichtsautoritéit, dat heescht de Ministère, e reglementareschen Akt exekutéiert. Deemno kann och e PAG am Prinzip nëmmen als Ganzt acceptéiert oder refuséiert ginn. Et ass dofir décidéiert ginn, dass de Prinzip vun der Gemengenautonomie et géing verbidden, de PAG vun enger Gemeng ze modifizéieren, andeems en ënner enger anerer Form a Kraaft trëtt, wéi vun der Gemeng selwer ursprénglech virgesinn. Eng deelweis Approbatioun war nëmmen ënner strenge Konditioune méiglech an dowéinst ëmmer mat engem gewëssene juristesche Risiko verbonnen:

« L'approbation par l'autorité ministérielle d'un acte soumis à son contrôle doit en principe être pure et simple, cette autorité ne pouvant en règle générale rien ajouter ni rien retrancher à la décision soumise à son contrôle. A titre d'exception, l'approbation partielle d'un acte soumis au contrôle de l'autorité investie du pouvoir d'approbation est ainsi permise à la condition que les dispositions approuvées et celles non approuvées ne soient pas liées entre elles au point de former un ensemble indissociable » – notamment CA 25-11-1997 (9477C) an TA 25-7-2001 (12318a, c. 8-1-2002, 13891C).

A méi rezenten Uerteeler huet d'Verwaltungsgericht d'Méiglechkeet vun enger partieller Approbatioun wäitleefeg acceptéiert a prinzipiell als gesetzeskonform agestuift: *“La Cour a d'ailleurs eu l'occasion d'approuver formellement cette nouvelle pratique”* (CA 26-03-2020, 43708C an CA 12-01-2021, 44684C).

Trotz dëser theoretescher Méiglechkeet, direkt eng deelweis Approbatioun z'erdeelen (déi forcément gläichzäiteg een deelweise Refus bedeit), gëtt an der Regel weiderhin d'Virgoensweis vun engem zousätzleche Vote vum Gemengerot privilegiéiert. Dëst begënschtegt nämlech den Dialog tëschent den Instanzen an erlaabt a ville Fäll ze verhënneren, dass et iwwerhaupt zu engem formelle Refus kënnt.

Dës Approche ass an Aklang souwuel mam nationalen, wéi och mam internationale Recht. Anescht wéi an der Aleedung vun der parlamentarescher Fro ugedeit, gëtt et kee Prinzip vun engem „Vote unique“, deen eng zousätzlech Ofstëmmung géif verhënneren. Wéi an all anerer Matière kann de Gemengerot zu all Zäitpunkt entscheiden, fir op eng viregt Entscheidung zréckzekommen. Wéi schonns erwäant, gëtt dës Form vun Interventioun vun de Geriichter ausdrécklech begréisst. Dozou gëllt nach ze soen, dass och am Fall vun där vum Deputéierte privilegiéierter deelweiser Approbatioun eng zousätzlech Ofstëmmung vum Gemengerot onëmginglech ass, fir dass den deelweise Refus kann opgehewe ginn.

An alle Fäll sinn d'Rechter vum Bierger geséichert, well all Entscheidung vum Gemengerot an dëser Matière d'Recht mat sech bréngt, eng Reklamatioun bei der Inneministesch anzerechen.

5. A wéi vill Fäll ass et tatsächlech eng „Approbatioun partielle“ ginn – opgeschlësselt no Bannen-an Ëmweltministère?

Den Inneministère huet am Beräich vun de PAGe bis haut nach keng deelweis Approbatioun gemeet, well d'Rechtsspriechung an deem Kontext nach ganz rezent ass an den Inneministère, wéi scho virdrun erkläert ginn ass, an éischer Linn op den Dialog mat de Gemenge setzt, fir de Projet während der Genehmigungsprozedur noutfalls sou z'adaptéieren, dass dësen och bei der ministerieller Approbatioun integral genehmigungsfäeg ass.

De MECDD huet an 3 Fäll am Kader vun der aktueller Refonte vun de PAGen eng Approbation partielle gemaach. D'Approbation partielle ass hei an der Vergaangenheet schonn applizéiert ginn, bis d'Jurisprudenz präziséiert huet datt just de PAG als Ganzt approvéiert oder refuséiert ka ginn.

6. Ass der Madame Banneminister hiren Droit de réformation geméiss Uerteel 111/14 vum 20. Juni 2014 vum Verfassungsgericht net limitéiert op Reklamatiounen op déi si am Kader vun der „procédure d'approbation“ statuéiert?

D'Befugnisser vun der Inneministesche si laut dem Artikel 18 vum ofgeännerte Gesetz vum 19. Juli 2004 *concernant l'aménagement communal et le développement urbain* vun duebeler Natur. Als éischt besteet hir Missioun doran, de PAG, dee vum Gemengerot ugeholl gouf, ze kontrolléieren a méiglecherweis z'approvéeieren. Zousätzlech muss si déi agereechte Reklamatioune préiwen an entscheeden, ob se ugeholl ginn oder net.

Aus deem Text geet dofir ervir, dass dem Inneminister seng Méiglechkeet, de PAG ze modifizéieren, nëmme da besteet, wann eng Reklamatioun an deem Sënn agereecht ginn ass, sief et no engem Vote complémentaire oder no enger partieller Approbatioun, sou wéi et am uewe genannten Uerteel erkläert ass.